



Bericht vun der WM Team U20 aus Irland

Als aller éischt wëll ech mech entschëllegen, fir während deenen 2 Wettkampfdeeg keen Bericht geschriwwen ze hun, mä et war einfach net méiglech. D' Team mam Trainer, esou wéi d' Begleeder haten all Hänn voll ze dinn. Et huet missen d' Fudder an d' Köderen präparéiert ginn, d' Gefrierer hunn missen gelueden ginn, d' Monturen an den Rescht vum Material ajustéiert ginn, respektiv nei gemat ginn. Et ass engem fir komm, ewéi wann den Dag net Stonnen genug hätt. Tëscht 12° an 1° an d' Bett an um 4° erëm opstoan.

Den éischten Dag vun der WM ass mat e puer klengen Problemer op der Streck (auslueden an stationéieren) péntleech um 10° Auer lass gaangen. Den Chris souz am Secteur A. Hien huet konzentréiert seng 4 Stonnen duerch gefëscht, louch zäitweis mat der Unzuel vun den gefaangenen Fësch fir, an huet eng 3 gemeet. Den Spuenier nieft him huet déi lescht hallef Stonn, e puer méi schéin Fësch gefaang, soss wier esouguer d' 2 dran gewiescht. Den Néckel hat am Secteur B mat sengen Géigner ze kämpfen, an huet sech als jéngsten vun der Équipe gutt geschloen an mécht eng 8 an sengem Secteur. De Marc ass am Secteur C gestart. Hien louch laang mam Renard Nicolas (Frankräich) gläich op. Séng direkt Noperen hat hien gutt am Grëff. Bei him am Secteur war et fir 2 an ½ Stonn déi laang Staang ze fëschen an bis zum Schluss mat der Match Staang Plaquettes oder emol een méi schéint Routa ze kescheren. Hien mécht eng 3 an och hei, wär esou guer d' 2 méiglech gewiescht. Am Secteur D war den Olli mat der Unzuel vun sengen gefaangenen Fësch bis zum Schluss fir, den Ënnerscheid huet sech bei der Gréisst beim Ofweien gewisen. Dobäi muss een och soen, dass an dem Secteur d' Stänn D1 bis D10 am déiwen Waasser souzen an vum D11 bis den D13, 2 Meter manner waren, wat net onbedingt gutt war. Den Olli mécht eng 8 an sengem Secteur. Nom éischten Dag waren mir am Team Ranking op der 4 Platz. Am individuellen Ranking huet dat esou ausgesinn: Marc 10ten mat 3 Punkten, Chris 11ten mat 3 Punkten, Olli 29ten mat 8 Punkten an Néckel 31ten mat 8 Punkten.

Deen 2ten WM Dag ass mat enger ¼ Stonn Verspéidung lass gaangen, dat well bei der belscher U25 Équipe, en Compétiteur an d' Spidol huet missen ageliwwert ginn. Am Secteur A huet den Néckel missen untrieden. Hien war no 2 an ½ Stonn net schlecht ënnerwee, fir en Resultat vum Dag virdrun ze erzielen, mä an där leschter 1 ½ Stonn hat hien Pech, dass seng Monturen all futti waren, neier huet missen ajustéieren an vill Zäit verluer huet. Hien mécht eng 13 an sengem Secteur. Den Olli um B1 ass lues gestart mä zum Schluss huet hien richteg Gas ginn, an mat en bëssen Chance wier d' 2 dran gewiescht. Hien huet sech eng gutt 3 am Secteur erkämpft. Den Chris ass am Secteur C gestart an louch no der éischer Stonn mat der Unzuel vun den gefaangenen Fësch fir mat bei, mä ab der 2ter Stonn ass et net méi ronn gelaf. Hien huet probéiert dat Bescht doraus ze maachen, mä bis zum Schluss ass keen Roulement méi dra komm. Den Chris mécht eng 10 an sengem Secteur. Am D war de Marc an gudder Gesellschaft mat nieft him, dem Englänner Organ Georges deen den Dag virdrun schonns bei him war an dem Italiener Aguzzoli. Déi éischt Stonn hat den Marc 45 Fësch, déi zweet 29 an der 3ter ass et iwwerall op der laanger Staang méi roueg ginn an 17 Fësch, woubäi se e bëssen méi grouss waren. An der

4ter Stonn huet missen ajustéiert ginn, trotz Loft déi opkomm ass, huet den Marc op méi feint d' Geschir gesat, an dat sollt sech als richtig weisen, an deem Secteur D. Hien mécht eng 3 an och do, mat e bëssen Chance wär nach méi dran gewiescht. Sou huet dat nom 2 ten Dag am individuellen Ranking esou ausgesinn: Marc 11ten mat 3 Punkten, Olli 12ten mat 3 Punkten, Chris 39ten mat 10 Punkten an Néckel 49ten mat 13 Punkten. Par Équipe um 2ten Dag haten mir 29 Punkten an op Platz 7.

Am finalen Ranking huet dat folgendermoossen ausgesinn:

Individuell Marc 8ten mat 6 Punkten an 21516gr, Olli 18ten mat 11 Punkten an 17985gr, Chris 25ten mat 13 Punkten an Néckel 42ten mat 21 Punkten. an der Teamwertung sinn mir déi 5ten ginn mat 51 Punkten an 67891 Punkten.

Fazit vun dëser WM an Irland:

Et gouf vum éischten Dag un mateneen , ronderëm den Trainer, André Denis, dem Marc als Kapitän mat hirem Team esou wéi d' Begleeder haart geschafft, dass mir en gutt an respektabelt Resultat mat heem kënnen bréngen. Deen éischten Dag wou mir d' Streck besichen gaangen sinn, hunn mir eis gefrot, wéi dat während deenen 2 Wettkampfdeeg hei sollt fonctionnéieren. D' Streck selwer ass eng Einbahn Strooss déi maximal 2 Meter breet ass, an fir ze dréien mat enger grousser Camionnette, bal net méiglech war. Déi huet een awer gebraucht, well et war net, ewéi ursprénglech gesot ginn war, dass een mam Auto op d' Streck fueren kéint do auslueden an maximal zwéin Gefierer pro Natioun an Team kéint stoen loossen an de Rescht op en Parking kéint virun erausfueren. Dat huet geheescht, dem Marc säin Material an dem Chris säint, huet missen bei den Théo an den Auto eran. Op der Streck an, an den Boxen war et en gekloter's an gerutsch's, fir iwwer d' Steng an Gehiwwel's bis bei d' Waasser ze kommen. Wéi mir um éischten Dag alles opgeriicht haten, ass op eemol en Kontroller opgetaucht, deen d' Info eraus ginn huet, dass d' Filoche 18 cm am Waasser misst leien! Dat huet geheescht: d' ganzt Geschir (wat opgeriicht war) ewéi Podium, Statioun, Tablette, Kitten asw... huet een 2 bis 3 Meter an d' Waasser eran geréckelt . Wéi dat gemaach war, ass en aneren Kontroller komm, do huet et geheescht, den Podium muss 15 cm iwwer der Waasseruerwerfläch sinn! Well verschidden Natiounen keen Podeste dobai haten, war deen Problem séier geléist. Do hunn mir matgedeelt kritt, dass den Podeste maximal 1 Meter vum Ufer opgeriicht dierf ginn, wat awer och erëm schnell annulléiert gouf.

Wéi et dunn **endlech** lass gaangen ass, konnt een d' Natur, d' Landschaft an déi éischt gefaangen Routaen an Irland bewonneren. Et goufen vill Fësch gefaangen während der ganzer Woch, einfach herrlech. Obwuel deen een oder aneren schonns mat engem nach besseren Resultat geliebäugelt oder gedreemt hat, mengen ech brauchen d' Jongen mam Trainer zesummen, sech net ze schummen an stolz erëm den Mëttwoch d' Heemrees untrieden kënnen.

En groussen Bonjour vun der ganzer Équipe geet un den Lallemands Léo, deen mär gärën hei dobai gehat hätten, deen awer krankheetshalber net konnt mat kommen. En groussen Merci geet un all déi Leit, déi d' Jugend am Virfeld vun dëser WM finanziell esou wéi moralesch all Dag iwwer Facebook, Handy ënnerstëtzt hunn.

D' Team seet den Sponsoren villmools Merci, fir déi super Ënnerstëtzung fir dës WM.

Mär hoffen dass mär d' nächst Joer villäicht an Italien kënnen untrieden, an och do op är Ënnerstëtzung hoffen kënnen.



Villmools Merci